# Alphabetiséierung op franséisch an hir Ëmsetzung - zu wat fir engem Präis?

**Dëst Joer gouf d'Alphabetiséierung op Franséisch als Pilotprojet a verschidde Grondschoulen agefouert. Ee vun eise Membere beliicht an engem ëmfaassenden Artikel d'Thema kritesch a weist op déi potentiell Auswierkungen op eis Bildungslandschaft hin. Mir wëllen Iech déi pertinent Analysen net virenthalen an invitéieren Iech, Iech mat den Argumenter a Conclusioune vum Auteur auserneen ze setzen.**

D'Aféierung vun Alphabetiséierungsmoossnamen op Franséisch huet zweiwellos d'Zil, de gesellschaftlechen Ufuerderungen an den Ongerechtegkeete tëschent eise SchülerInne gerecht ze ginn an en differenzéierten Zougang zum Sproocheléieren z'erméiglechen. Awer wann een dës Moossname méi genau ënnert d'Lupp hëlt, kommen e puer bedenklech Aspekter op.

## Wéi kënnegt sech dës Ëmsetzung un?

Et schéngt, datt et bis elo esou änlech, wéi hei beschriwwen, vun eisem Educatiounsministère ugeduecht an an de Pilotklasse gelieft resp. experimentéiert gëtt... :

- En Enseignant D huet e Grupp D, deen an de Sproochen an an der Mathe op Däitsch enseignéiert gëtt, wärend e mam Enseignant F kooperéiere muss, deen e Grupp F huet fir déi franséisch Sprooch z'enseignéieren.
- Fir déi sougenannten Niewefächer ginn d'Kanner aus deenen 2 Gruppen deemno gemëscht an do ass d'Kommunikatiounssprooch Lëtzebuergesch. Alles wat um Pabeier ausgedeelt gëtt, misst et logëscherweis zweesproocheg an dësen neie Gruppe ginn.
- Am Cycle 2 huet de Grupp F ganz vill franséisch an e bësschen däitsch, am Cycle 3 da ganz vill däitsch an e bëssche franséisch. Fir de Grupp D zielt dat selwecht da genau ëmgedréint, esou datt dann am C4 souwuel de Grupp F wéi de Grupp D um selwechte Leeschtungsstand sinn.

## Eng zweetklasse Gesellschaft duerch eng sproochlech Orientatioun...?!

Wa mir d'Elteren am C1 bei enger Orientatioun begleeden, déi esou sollt ausgesinn, datt franséischsproocheg Kanner fir déi franséisch Alphabetiséierung an däitsch- an engleschsproocheg Kanner fir déi däitsch Alphabetiséierung orientéiert ginn, da kléngt dëst gesellschaftskritesch gesinn, dach ganz dono, datt mir 2 Klassen hunn.

Hei kënnt d'Opléise vun enger Klass mat enger fester Bezuchspersoun, andeem d'Kanner jo musse gemëscht ginn an den Niewefächer, et déi gemeinsam Sprooch Lëtzebuergesch gëtt, an d'Enseignanten am Alldag am Team fonctionnéiere mussen, bestëmmt an d'Spill. Wann een am Moment schonn an eis Klassen erakuckt, kann ee sech virstellen, datt dës Mesure ouni Problem dozou féiert, datt eis Kanner sech an den Niewefächer an doriwwer eraus an de Pausen, sou wéi an hirer Fräizäit an der Maison Relais an Doheem mat nach méi Freed mëschen an op Lëtzebuergesch matenee kommunizéieren. An der Maison Relais dierft jo dann och d'Mësche vun de Gruppen an d'Lëtzebuergesch Sprooch fir Kleng a Grouss am Mëttelpunkt stoen.




Doniewent dierften eis Primo-Arrivant-Kanner, wou sech am Moment, aus gud-dem Grond, just op eng Sprooch soll fokusséiert ginn, an dëst wärend dem gesamte Schouldag, an Zukunft direkt mat 2 Sprooche gläichzäiteg confrontéiert ginn, wat hire Start am lëtzebuerger Schoulsystem net wierklech dierft erliichteren.

Mam Hin an Hir tëschent 2 Gruppen dierft dës Freed fir eis Schülerschaft nach weider wuessen, wann d'Demande a punkto Kompetenzzentrum fir Verhalensopfälleg-keeten, deen am Moment jo scho sou present um Terrain ass, weiderhi ganz schnell wuessen dierft...

Nach manner «séchere Raum» fir eis jéngste SchülerInnen am lëtzebuerger Schoulsystem...!?

Fir Léiere beim Kand ze garantéieren, brauch e Kand e Kader, deen ëm et erlaabt emotional am Gläichgewiicht ze sinn an sech gutt ze fillen. Wéi wichteg et dobäi fir d'Kand ass sech «a Sécherheet» ze fillen, misst all Enseignant bekannt sinn. Wéi wéineg eis Kanner sech am Moment an dëser Situatioun befannen, och: Elteren, déi sech oft méi Zäit mat hirem Kand géife wënschen fir als Bezuchspersoun e Maximum präsent ze sinn, Kanner an enger Maison Relais, déi hei KENG Bezuchspersoun hunn a sech dagdeeglech schwiereg Situatiounen erginn mat vill Gestreits a gréissere Konflikter, ...

D'Ewechfale vun enger fester Bezuchspersoun, déi elo nach den Titulaire vun der Klass ass, huet besonnesch fir Kanner mat sozio-emotionale Bedürfnisser gravéierend Auswierkungen. Dës Kanner brauchen eng zouverlässeg Bezuchspersoun, déi Sécherheet a Geburgenheet vermëttelt, hir SchülerInne kennt a sech ëm hir individuell Bedürfnisser këmmert. De Verloscht vun dëser stabiler Bezéiung kéint zu erhéichten Ängschten, Onsécherheeten a Verhalensopfällegkeeten féieren. Alleguer hu mer mol eng Kéier an eise Studie geléiert, datt e Kand e séchere Raum mat senger fest Plaz am Grupp Klass, souwuel vum Räimlechen, wéi vum Psycheschen hir, brauch...

*Wa Kanner an de Klassen no Opmierksamkeet jäizen an dëst ganz massiv an hirem Verhalen ausdrécken, dann ass d'Alphabetiséierung op franséisch och net de Wee zu méi Schoulerfolleg fir all Kand!*

D'Vermëschung vu verschiddene Schülergruppen an d'Bewäertung a separate Gruppe kéint zu engem fragmentéierte Wouerhuele vum Schüler féieren an d'ganzheetlech Bewäertung a Färderung erschwéieren. Eng individualiséiert Färderung an Ënnerstëtzung vun de Schüler gëtt esou erschwéiert.

Oder gi d'Ganzheetlechkeet, d'Differenzéierung an déi individuell Norm an der Differenzéierung an Zukunft net méi gebraucht...?

## An ganz niewebäi e qualitativ héichwäertegen Unterrecht mat engem neie Plan d'études, engem neie Mathésprogramm an enger verännerter Evaluatioun...!?

Datt **d'Unterrechtsentwécklung** ganz kloer vun dësen Ëmsetzungen dierft betraff sinn, steet ausser Fro: Eng fest Klassenzesummesetzung gëtt et net méi, wat d'Schafung vun enger Klassenidentitéit an domat d'Gestioun vum Grupp erschwéiert. D'Ofschafung vun engem fachiwwergräifenden a sënnvollen **Unterrecht** kéint och d'Méiglechkeet zur interdisziplinärer Integratioun a ganzheetlecher Bildung vun de SchülerInne betreffen, well de roude Fuedem tëscht de Fächer verluer geet an d'Vermëttlung vun **transversale** Kompetenze behënnert gëtt.

Doniewent geet et net ouni bedeitend Ännerungen am Beräich vun der Organisatiounsentwécklung, déi en erhieflechen Impakt op d'ganz Schoulentwécklung dierften hunn. D'Personalentwécklung steet virun Erausfuerderungen: Spezifesch ausgebilt Léierpersounen fir d'franséisch Alphabetiséierung, a wee weess fir wat nach... iwwerhuelen eenzel Fächer a leeden zesummen eng méi grouss Grupp vu Schüler, déi an Enzelgruppen opgedeelt ginn, wat zwar Fachkompetenz fërdert, awer d'Autonomie vun den Enseignante beschränkt. Dës Autonomie ass awer essenziell fir d'Entfalung vun der Perséinlechkeet vum eenzelnen Enseignant, déi fir gudden **Unterrecht ze garantéieren onbedéngt noutwenneg ass**. Konfliktpotenzial a Dominanzkämpf kéinten de Schoulalldag prägen, wann d'Autonomie vun de Léierpersounen net zu engem bestëmmten Deel gewaart bleift an a Gefor gerëit.

An dobäi schéngt net just niewent dem PDS d'franséisch Alphabetiséierung um Plang ze stoen, mee eng wäitaus gréisser Reform mat engem neie Plan d'études, engem neie Mathéskonzept vum C1 un a fir dat Ganzt ofzeschléissen, enger verännerter Evaluatioun. An niewebäi bemierkt, gëtt hei eng grouss, alldeeglech Kooperatioun tëschent den Enseignanten virausgesat... Datt dëst bei wäitem méi e groussen Aschnëtt an eis Grondschoul bedeit wéi d'Reform vun 2009, läit op der Hand. Lo, wou sech d'Reform vun 2009 ugefaangen huet um Terrain z'etabléieren, den eenzelnen Enseignant sech erëm konnt op säin Job beim Kand konzentréieren an d'Elteren de Paradigmewiessel och lues awer sécher konnten novollzéien, stinn déi nächst 20 Joer Reformprozess an d'Haus!

*Och d'Enseignanten, ob aleng oder am Team, si keng Maschinnen, déi nei Programmer ganz niewebäi aus dem Aarm rëselen, sou wéi eis Kanner keng Versuchskannengercher si vun ëmmer erëm neien Iddien, déi Leit hannert dem Schreifdësch an de Kapp kommen!*



## Alphabetiséierung op franséisch an doriwwer eraus...?!

Insgesamt gekuckt, dierft et kloer ginn, datt d'Ëmsetzung vun dëse Moossnamen, wéi se aktuell am Raum stinn, eng ëmfaassend Reform erfuerdert, déi fir déi eenzel Schoule mat hire Léierpersounen am aktuelle System kaum realiséierbar ass. Et ass dréngend erfuerderlech, de Schoule méi Autonomie an der Gestaltung vun hirem Schoulalldag ze ginn an eng Dezentraliséierung am Beräich vun der Organisatiounsentwécklung unzestriewen.

Fir de spezifesche Bedürfnisser vun de SchülerInne gerecht ze ginn, ass et onerlässlech, dass d'Organisatiounsentwécklung d'Bedierfnisser vun alle Bedeelegte berécksiichtegt an dass d'Verantwortlech op der Plaz, d'Bedürfnisser, d'Stäerkten an d'Schwaachpunkte souwuel vun der Schülerpopulatioun wéi och vun de Léierpersoune kennen, wouerhuelen a respektéieren. Dofir musse si hir Responsabilitéit am Entwécklungsprozess kënnen droen an aktiv agebonne ginn.

Schlussendlech kann net oft genuch betount ginn, dass d'emotionell Gesondheet an d'Wuelbefanne vun de Kanner vu grousser Bedeitung sinn. D'Fërderung vu Sécherheet, Zesummenhalt a Struktur an der Klass sinn onerlässlech fir eng gesond Léiersituatioun. Ganz niewebäi geléngt dës nëmmen dann, wann eis Kanner «staark» Enseignanten hunn.

*Eng Moossnam, déi dës Aspekter vernoléissegt, ka laangfristeg negativ Auswierkungen op d'Léier- a Perséinlechkeetsentwécklung vun de Kanner hunn. Dat wëlle mir net riskéieren!*

Et ass onméiglech een Hiewel an engem Zännrad ze beweegen, ouni datt sech eng ganz Rei aner Hiewele mat dréinen. D'Sproochesituatioun eleng ze betruechten, ouni dobäi ë.a.

- un déi sozio-emotional Bedierfnisser vum Kand, als Basis fir d'Léieren,
- déi organisatoresch Gestaltung an d'Repercussiounen op d'Gestioun vun de Klassen,
- d'Personalentwécklung an de Beräicher Preparatioun, Kooperatioun a Machbarkeet duerch de Contingent,

ze kucken, **ass einfach nëmme verantwortungslos an inakzeptabel.**

*Et stellt sech also d'Fro, a wéiwäit d'Alphabetiséierungsmoossnamen op Franséisch, ënnert där Form vun Ëmsetzung, wéi se aktuell an der Diskussioun sinn, effektiv e Surplus fir d'Léiere vun eise Kanner bréngen, wann dës Ëmsetzung riskéiert op Käschte vun der emotioneller Gesondheet an dem ganzheetleche Léiere vun eise Kanner ze goen!?*